N°8086
Entrée le 11.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, a vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Joëlle Welfring, op d'parlamentaresch Fro n°8086 vum 9. Juni 2023 vun den éierewäerten Deputéierte Martine Hansen a Paul Galles iwwert "Primes pour panneaux photovoltaïques"**

**1.Wéi verhält et sech elo mat Projektträger vu Photovoltaikanlagen am Eegeverbrauch, déi hir Anlag 2023 a Betrib huelen, ma déi awer schonns d'Commande 2022, respektiv vielläicht esouguer eng éischt Ubezuelung am Joer 2022 gemaach haten?**

**2.Gin déi Leit an deem Sënn benodeelegt, dat se dann ënnert déi al, manner avantagéis Konditioune falen, obwuel d'Anlag réischt 2023 a Betrib goung/geet oder gesäit de Minister do vir, fir och déi Anlagebedreiwer am Kader vun de modifizéierte Bäihëllefen ze consideréieren? Wann jo, ënnert wéi enge Konditiounen?**

D'Thematik, déi vun den éierewäerten Deputéierten ugeschwat gëtt, ass eng generell. An allen Hëllefregimmer gëtt et Bedingungen an Delaie bannent deenen een d'Hëllefen ufroe muss. Béid Saache bréngen mat sech, datt Grenzfäll entstinn. Dat ass net ze vermeiden.

Am konkrete Fall hei goufen déi scho ganz attraktiv Hëllefen am Kader vum Tripartite-Accord vu September 2022 punktuell, fir eng limitéiert Zäit, nach emol gehéicht, an d'Gesetz vum 23. Dezember 2022 "modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du Logement" huet d'Datumer, wéi se am Tripartite-Accord Mëtt September 2022 decidéiert an ënnerschriwwe goufen, ëmgesat.

Am Sënn vun der Froestellung konnt sech jiddereen ab Mëtt September 2022 no dësen neien Delaie riichten.

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie